N°3238
Entrée le 23.12.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Här Xavier Bettel a vum Wirtschaftsminister, PME, Energie an Tourismus Här Lex Delles op d'parlamentaresch Fro n°3238 vum 25. November 2025 vun dem honorabelen Deputéierte Här Marc Goergen**

**Kann ausgeschloss ginn, dass iwwert d'Aktivitéite vun LUKOIL zu Lëtzebuerg Suen an déi russesch Krichkeess iwwerwise ginn?**

Den Import vu russeschem Réiueleg an och vu Pëtrolsproduite vu russescher Hierkonft ass schonn zanter Juni 2022 verbueden. Ab dem 21. Januar 2026 gëllt dësen Import-Verbuet och fir Brennstoff, deen an engem Drëttland aus russeschem Réiueleg hiergestallt gouf.

Déi russesch Firma Lukoil steet aktuell net op enger EU-Sanktiounslëscht.

Filialen vun Lukoil, déi an der Europäescher Unioun etabléiert sinn, mussen awer, wéi all aneren EU-Betrib, déi gëllent EU-Reegelen anhalen, dorënner och all applikabel Sanktiounsregimmer.

D'Tankstellen, déi zu Lëtzebuerg ënnert dem Markennumm "Lukoil" operéieren, ginn net vum russesche Konzern selwer bedriwwen, mee vu private lëtzebuergesche Gesellschaften. Op Basis vun den aktuell verfügbaren Informatiounen huet d'Regierung keng Kenntnisser iwwer eventuell Finanzflëss, déi iwwert dës lokal Firmen direkt an d'russesch Staatskeess géife fléissen.

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2025

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel